LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
23 SEP. 2019

Luxembourg, le 20 SEP. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet**: **Réponse commune de Monsieur le Ministre des Cultes, Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°1073 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet de la thérapie de conversion.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1073 du 20 août 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Xavier BETTEL
Ministre des Cultes

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
23 SEP. 2019

**Gemeinsam Äntwert vun den Hären Kultusminister a Sozialversécherungsminister a vun der Madame Famill- an Integratiounministesch op d'parlementaresch Fro n° 1073 vum 20. August 2019 vum Honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.**

De Familljeministère an de Kultusdépartement hu keng Kenntnis datt esou "Konversiounstherapien" zu Lëtzebuerg ugebueden oder duerchgefouert ginn. Den Informatiouns- a Berodungsdéngscht CIGALE (Centre d'Information GAy et LEsbien), dee vum Familljeministère konventionéiert gëtt, huet och keng Kenntnis iwwert esou Therapien zu Lëtzebuerg.

Am Kader vun der Krankeversécherung ginn déi "Konversiounstherapien" net rembourséiert.

De Familljeministère koordinéiert zanter 2015 déi national Politik fir d'Rechter vun de lesbeschen, de schwulen, de bisexuellen, den transgender an den intergeschlechtleche Mënschen (LGBTI) ze férderen.

An Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft an de nationale Mënscherechtsorganisatiounen, gouf deen éischten nationalen LGBTI Aktiounsplang ausgeschafft an am Juli 2018 vun der Regierung ugeholl. Dat drëtt Kapitel gesäit eng Rei Zilsetzungen a konkret Aktioune vir am Beräich vun der Gesondheet. D'Regierung huet och ee Comité gegrënnt, deen d'Ëmsetzung vum Plang begleet a nei Ziler an Aktioune ka proposéieren. Zum Thema "Konversiounstherapien" ass am Plang näischt virgesinn.

Am Kader vu sengen Aarbechten wäert de Comité sech awer mat der Fro vun de "Konversiounstherapien" beschäftegen, an gegebenefalls Recommandatioune maachen.